# Ouljer Musek a.s.b.l.

## Rapport Generalversammlung vum 13.Januar 2019

Sonndeg de 13.Januar 2019 um 11.00 Auer am Festsall zu Ouljen.

## Dagesuerdnung:

-

### 1. Begréissung vum President

De President Raymond Lepasch begréisst déi 93 Memberen an Inviteeën déi sech op der ordinärer Generalversammlung afonnt hunn, de Buergermeeschter Jean-Francois Wirtz, d'Schäffen Reinhold Dahlem an Marc Ries, d'Gemengeconseilleren Sylvette Schmit-Weigel, Patrick Lamhène, Marc Bosseler, Patrick Lamhène a Jim Meisch souwéi och de Robert Mamer, Delegéierten vun der UGDA.

### 2. Aktivitéitsrapport vun 2018

De Sekretär Paul Kieffer mécht e Rapport vun den Aktivitéite vum ganze Joer 2018.

### 3. Keeserapport

Den Tresorier Pierre Paulus presentéiert de Bilan vun 2018, den en Defizit vun 3.736,51-€ opweist.

### 4. Rapport vun de Keeserevisoren

D'Keeserevisoren Michèle Biel a Luc Girst versécheren d'Kees kontrolléiert a fir gutt fonnt ze hunn, a bieden d'Versammlung de Keessier an de Comité ze entlaaschten.

### 5. Entlaaschtung vum Comité duerch d'Generalversammlung

D'Generalversammlung gëtt dem Comité an dem Keessier Entlaaschtung..

### 6. Wiel vun de Keesserevisoren

D'Michèle Biel an de Luc Girst erklären sech bereet d'Amt vum Keeserevisor e weidert Joer auszeüben.

### 7. Budget a Programm 2019

De Pierre Paulus presentéiert de previsionnele Budget fir 2019.

De Programm 2019 gëtt a Form vun engem Flyer un d'Invitéeën verdeelt, a kuerz vum Sekretär presentéiert.
De Jo Steffes presentéiert der Versammlung de Projet vun enger neier Manifestatioun.Geplangt ass fir den 30.Abrëll e kulinareschen Trëppeltour duerch d'Gemeng, an e puer Etappen, an zum Ofschloss nach en Owend mat Musek am Centre Culturel zu Ouljen.

8. **D’Wuert vum Dirigent**

Den Dirigent Marc Garson bedankt sech bei de Musikanten an och beim Komitee fir déi gutt Zesummenaarbecht iwwert dat ganzt Joer, an ass iwwerzeecht dass déi konstruktiv Zesummenaarbecht och fir 2019 ka virugefouert ginn. Hie mécht en Opruff un d’Musikanten fir bei der Programmgestaltung 2019 hier Iddiën mat anzebrëngen.

9**. Ophuele vun neie Memberen**

Et demissionéieren aus dem Comité a sinn net méi wielbar: Pierre Paulus a Chris Fandel.
Nei opgeholl an de Comité gëtt d’Sandra Weyer-Hall
D’Zuel vun de Comitésmemberen beleeft sech domat op 13 .

10**. D’Wuert vun der Gemeng**

De Buergermeeschter Jean-François Wirtz begréisst sämtlech Memberen an Invitéeën vun der Versammlung. Hien gratuléiert der Ouljer Musek nach emol ganz speziell fir dee flotten Chrëschtconcert deen si de 16 Dezember an der Ouljer Kierch gespillt huet a seet sech beandrockt iwwert d‘Énergie a ganz besonnesch déi Konstanz déi de Veräin elo schonn iwwert all déi Joeren opbréngt fir op esou engem héijen Niveau ze bleiwen. Hie seet och Merci fir all d’Prestatiounen fir d’Betzder Gemeng an d’Zesummenaarbecht mat deenen anere Veräiner aus der Gemeng. Hie verséchert dem Veräin seng voll Ënnerstëtzung an wënscht him en erfollegräicht Joer 2019.

11**. Festleeën vum Membersbeitrag fir 2019.**

De Virschlag vum Comité fir de Beitrag vun der Memberskaart 2019 op 15,.€ ze beloossen gëtt eestëmmeg vun der Versammlung ugeholl.

12. **Usproch vum UGDA Vertrieder an Iwwerreechen vun Medailen a Kaddoen**

Den UGDA Delegéierten Robert Mamer bedankt sech fir d’Invitatioun op d’Generalversammlung vun der Ouljer Musek, a felicitéiert de Veräin fir seng villfälteg Aktivitéiten. Zesumme mam Buergermeeschter Jean-François Wirtz an dem President Raymond Lepasch iwwerreecht hien folgend Auszeechnungen:

**UGDA**

Maya Olafsdottir - insigne 5 ans
Jo Scheuren - médaille de mérite en argent (20Joer)
Ferd Baulesch - médaille de mérite en argent (20Joer)

**OULJER MUSEK**

Kee Member ass éligibel fir eng Auszeechnung.

De President Raymond Lepasch verdeelt e Kaddo a Form vun enger Fläsch Cremant u folgend Membere mam meeschte Prouwebesuch :

1. Rita an Steve Elcheroth, 44 Prouwen = 97,8%
2. M.Jeanne Molitor a Sandra Weyer, 42 Prouwen = 93.3%

**13. <u>Verschiddenes a fräi Aussproch</u>**

Keng Bemierkungen

**<u>14. Spendenaktioun.</u>**

De President Raymond Lepasch iwwerreecht dem Paschtouer Guy Diederich, den Erléis vun der Kollekt vum Chrëschtconcert 2018 , deen sech op 1.500.-€ beleeft. Den Erléis geet un d'Hëllefsaktioun vum Parverband Musel a Syr „Hëllef fir Jugendlecher am Bangladesch".

**15. <u>Schlusswuert</u>**

De President Raymond Lepasch bedankt sech béi de Leit déi present sinn an erkläert d'Generalversammlung fir opgehuewen.